LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Inspection générale de la police

**Heefeg gestallte Froen iwwert d'IGP**

**1. Wat ass den Zoustännegkeetsbereech vun der IGP**

Am Kader vun der Legalitéitskontroll, huet d'IGP en allgemengt an permanent Inspektiounsrecht a si kann all néideg Ënnersichungen an Iwwerpréiwungen maachen.

**2. D'IGP: D'Police vun der Police ?**

Jo, mee si ass méi wéi dat. Si mécht sécherlech, am Kader vun der Legalitéitskontroll administrativ Enquêten iwwert e bestëmmten polizeilecht Verhalen oder féiert, op Ufro vun de Justizautoritéiten, strofrechtlech Enquêten duerch. Hir eigentlech Aufgab besteet awer an der Kontroll vum Funktionéieren vun der Police fir zur kontinuéierlecher Verbesserung vu Betrib a Service vun der Police bäizedroen.

**3. Ass d'IGP onofhängeg vun der Police ?**

D'Onofhängegkeet ass doduerch garantéiert dat d'IGP direkt vum zoustännege Minister ofhänkt; si ass also en externt Kontrollorgan vun der Police. D'IGP ass net nëmme rechtlech onofhängeg mee och tatsächlech. Hir Manéier fir Enquêten ze behandelen ass gepräägt duerch Neutralitéit an Objektivitéit.

**4. Wat sinn d'Wäerter vun der IGP**

Wäerter vun der Generalinspektioun vun der Police sinn :

- Onofhängegkeet vis-à-vis vun der Police
- Objektivitéit an hirem Handelen, hiren Aschätzungen an hirem Sproochgebrauch
- Transparenz an hirem Schaffen
- Integritéit.

**5. Traitéiert d'IGP all Reklamatiounen?**

D'Legalitéitskontroll kann ënnert anerem duerch d'Reklamatioun vun engem Bierger initiéiert ginn, dee sech als Affer vun engem Feeler vun der Police oder vun engem Feelverhalen vun engem vun hire Membere gesäit. Et ass awer wichteg ze betounen, dat d'Generalinspektiuon vun der Police net zoustänneg ass fir Reklamatiounen, déi ausschliisslech d'Opportunitéit vun „avertissements taxés" a Protokollen wéinst Verstéiss géint de „ Code de la route" betreffen; fir des Matièren ass d'Police respektiv den regional zoustännege Parquet zoustänneg.

11, rue Robert Stumper | B.P. 1202 | Tél. (+352) 26 48 53 - 1 | info@igp.public.lu
L-2557 Luxembourg | L-1012 Luxembourg | Fax (+352) 26 48 53 - 189 | www.igp.lu

**6. Wéini mécht d'IGP eng strofrechtlech Enquête op ?**
De Generalinspekter, de stellvertriedenden Generalinspekter an d'Memberen vum polizeileche Kader vun der IGP hunn d'Qualitéit vum „officier de police judiciare". Si kënnen also, gemeiss de Bestëmmungen vum „Code de procédure pénale", virleefeg Ermëttlungen ophuelen oder vum Parquet oder Untersuchungsriichter mat strofrechtlechen Enquêten iwwert vun Polizisten begaangen penal Doten beoptraagt ginn.

**7. Huet de Bierger d'Méiglechkeet iwwert de Verlaf vun enger agereechter Reklamatioun informéiert ze ginn ?**
Bei senger Reklamatioun gëtt de Bierger direkt iwwert d'Rezeptioun vun der Reklamatioun an den hir reservéierten Suiten informéiert : administrative Enquête vun der IGP oder Weiderleedung un d'Justizautoritéiten. Hee gëtt och schrëftlech iwwert de Service deen d' Reklamatioun ënnersicht an den zoustännegen Enquêteur informéiert. De Bierger gëtt a Kenntnis gesat vun de Resultater soubal den Dossier ofgeschloss ass.

**8. Wéi laang sinn d'Beaarbechtungszaiten vun Enquêten ?**
Fir administrativ Dossieren daueren d'Beaarbechtungszäiten tëscht zwee an dräi Méint vun deem Moment un wou d' Reklamatioun era kënnt.. Fir strofrechtlech Enquêten gëtt et keng fest Delaien, an d' Dauer vun der Beaarbechten hänkt vun den Ëmstänn vum Fall of.

**9. Wat sinn d'Grënn vu Reklamatiounen?**
D'Grënn si vilfälteg. Bei Reklamatiounen handelt sech em schlecht Behandlung vum Biergers, Ontätegkeet vu Polizisten, onugebruecht Verhalen am Déngscht oder am Privatliewen, iwwerméissegen Äifer asw. Reegelméisseg ginn Zesummefaassungen vun administrativen Enquêten souwéi järlech Statistiken um Site vun der IGP publizéiert fir de Bierger ze informéieren. Bei strofrechtlechen Enquêten geet em Fäll vu Mësshandlung duerch d'Police, Muechtmëssbrauch, Verletzung vum Beruffsgeheimnis, Fälschung vu Schrëftstécker, Beleidegungen asw..

**10. Wéi geséit aus mat Kontrollverfueren déi vun der Police gemaach ginn ?**
Fir Froen zu enger spezifescher Prozedur vun der Police ouni eng Reklamatioun bei der IGP anzereeche ze wëllen, kann d' Police Grand-Ducale Erklärungen ofginn. Dir kënnt Är Froen entweder schrëftlech/telefonesch un d' Generalsekretariat vun Police (Route De Trèves - Complex A L-2957 Luxemburg, Tel: 4997 2010) riichten oder elektronesch iwwert den follgenden Link: https://police.public.lu/fr/commissariat-virtuel/contacter-police/index.php.

**11. Wou kann de Bierger eng Reklamatioun ofginn ?**
Onofhängeg vun der Art der Reklamatioun géint d'Police huet de Bierger emmer zwou Méiglechkeeten :

- sech un e Policebüro wenden. De Polizist hält d'Fakte fest déi de Bierger him nennt a schéckt se weider op déi zoustänneg Stell. Et gëllt opzepassen, dass all Reklamatioun oder Plainte géint e Polizist vun all Policeunitéit opgezeechent muss ginn . All Reklamatioun oder Plainte, déi direkt un d'Police gericht gëtt, gëtt och un

d’Generalinspektioun vun der Police weidergeleet.

- sech un d’Generalinspektioun vun der Police wenden, op engem vun virgeschloene Weeër. D‘ IGP kann per E-Mail (info@igp.public.lu), per Post (B.P. 1202, L-1012 Luxemburg) oder telefonesch (+352 26 48 53-1) kontaktéiert ginn. Et ass och méiglech, wärend de Büroszäiten perséinlech an d‘ Büroen an der 11, rue Robert Stumper, L-2557 Gaasperech ze kommen, an zwar vun 8:00 bis 12:00 Uhr a vun 13:00 bis 16:00 Uhr.
- Uleien, Reklamatiounen oder Plainten kënnen iwwert d‘Website "guichet.lu", dem administrative Guide vum lëtzebuerger Staat, bei der IGP agereecht ginn. D‘Formularer sinn op Däitsch a Franséisch disponibel. Dëst ass eng einfach Méiglechkeet fir de Bierger, sech iwwert d’Verhalen vun engem Member vun der Police ze beschwéieren, falls en net zefridden ass mat hirem Service. (Link fir op IGP op guichet.lu).

Et ass schlussendlech  um Bierger ze decidéieren, wéi e well, dat seng Reklamatioun/Plainte behandelt gett. An Ausnamefäll kann e Reclamant froen, dat seng Identitéit  net  präisgi gëtt.

**12. Wat sind d‘Kontaktdaten an d‘Öffungszäiten vun der IGP ?**

Eis Büroen an der rue Robert Stumper 11, L-2557 Gasperech, sinn all Schaffdag vun 8:00 bis 12:00 Auer a vun 13:00 bis 16:00 Auer op.

**13. Wéi kennen Annexen oder Fotoen un eng Reklamatioun ugehaang ginn ?**

Annexen oder Fotoen kënnen zurzäit nëmmen iwwert d’ Verschécken vun enger spezifescher Email un d’Adress  info@igp.public.lu beigefügt ginn

**14. Ass d’ Internetsäit vun der IGP méisproocheg?**

D’ Internetsäit vun der IGP ass op Franséisch, Lëtzebuergesch, Däitsch an Englesch disponibel. Si kann iwwer de follgende Link erreecht ginn:  https://igp.gouvernement.lu

**15. Wéi gëtt d’ Personal vun der IGP agestallt  ?**

D’IGP besteet aus Personal aus der Policecarrière an der administrativer an technescher Carrière vum Staat. Als onofhängeg Institutioun wielt a rekrutéiert d’IGP hiert d’Personal selwer. Fir Memberen vum Policekader gett eng Ausschreiwung innerhalb vun der Police gemaach. Fir d’Personal aus der administrativer an technescher Carrière gëllt déi regulär Recrutementsprozedur déi vum Ministère fir d’Fonction publique organiséiert gëtt.